



Eis wonnert och, datt vill schwaarz Schof, zum Beispill déi, déi ech elo grad genannt hunn a wou d'ONGe reegelméisseg op déi katastrofal Zoustänn a Verhalensmusteren opmierksam maachen, net op där Lëscht opdauchen, a mir kënnen eis net erklären, firwat verschidde Firmen zu engem Moment op der Lëscht stinn, dann op eemol ee Joer net méi an dann dat Joer drop si se awer erëm drop. An engem Saz: Mir kënnen d'Zustanekomme vun där Lëscht net novollzéien.

An do si mer da bei zwee grondsätzleche Problemer vum Fonds de compensation, wann et ëm déi sozial, ökologesch a mënscherechtlech Responsabilitéit geet: éischstens dat komplett Feele vu politesche Virgaben an zweetens e Manktum un Appropriation, dat heescht e Manktum un internem Knowhow op deene Sujeten. Et fänkt schonn domadder un, datt déi Exklusivounspolitik keng gesetzlech Basis huet, obwuel se jo, zu Recht, scho säit bal zéng Joer existéiert. Vun der Politik gëtt et, souwäit dat transparent ass, just déi méi oder manner informell Virgab, net a Firmen ze investéieren, déi géint international Konventiounen verstoussen, déi Lëtzebuerg ënnerschiwwen huet, an domadder muss dann de Verwaltungsrot kucken, datt en eens gëtt.

Mee do hänkt awer e ganze Rateschwanz u weidere Froen hannendrun, déi net beäntwert sinn: Wéi eng Violatiounen géint Konventiounen ginn da sanktionéiert, nëmmen déi ganz schwéier oder och déi limitéiert? Ab wéini schwätzt een iwwerhaapt vu Violation, wann dat vun internationalen Organisation gutt dokumentéiert ass oder eréischt dann, wann et zu enger formeller Verurteilung komm ass, déi jo zemoos an Entwécklungslänner oft ausbleift? Fir wéi laang bleiwen déi Firmen dann ausgeschloss, fir een, fënnf, zéng Joer? A fir wéi eng Violation kënn eng Firma da méi laang op eng Exklusivunslëscht, ee Joer, fir e klengt Vergoen, zéng Jore fir e grousst Vergoen?

Dat sinn alles Froen, déi am Moment net gekläert sinn, beziungsweis, déi aleng vun där privater Societéit beäntwert ginn, déi dës Lëscht opstellt. Mir mengen, datt dat awer eminent wichteg eethesch Froe sinn, déi mir als ëffentlech Hand, als Gesellschaft selwer musse virginn. An dobäi kënn jo, datt d'Administration vum Rentefong nieft de feelende Virgaben och intern net staark genuch opgestallt ass, fir dës Lëscht kënn kritesch ze begleeten an ze hannerfroen. An dat ass och net d'Schold vum Verwaltungsrot. Dee versicht jo och duerchaus ze verstoen, wéi déi Lëscht zustane kënn, a freet do och deelweis bei der verantwortlecher Societéit no, mee en huet awer net d'Méiglechkeeten, doriwwer eraus ze goen, an ass schlussendlech gezwongen, déi Lëscht einfach unzuhuelen, déi e vun engem externe Beroder virgeluecht kritt.

Här President, déi zweet Kategorie vu problemateschen Investitiounen gëtt momentan vill mediatiséiert, nämlech d'Investitiounen an d'fossill Energien. Op Basis vun de Rapporte vum Fonds de compensation hu mer ausgerechent, datt de Rentefong d'lescht Joer ronn 600 Milliounen Euro a Firmen investéiert huet, déi direkt mat der Exploitation vu fossillen Energien a Verbindung stinn: d'Pétrols- an Äerdgasfirmen, d'Kuefirmen an hir direkt Zouliwwer.

Datt déi ëffentlech Hand déi grouss Pétrolsmultinationen nach weiderhi mat frëschem Geld versuergt, fir datt déi hir Aktivitéite kënnen ausweiden, dat misst am Zäitalter vum Paräisser Accord e kompletten No-Go sinn. Et ass fir eis komplett onverständlech an irresponsabel, datt hei net scho laang d'Handbrems gezu gouf, well et kann een dach net de Leit vermëttelen, datt si an hirem Alldag sollen aktive Klimaschutz bedreiwen, elo deemnächst eng CO₂-Steier solle bezuelen, a gläichzäiteg ginn hir Pensiounen a Firma wéi Shell, Total, Chevron oder BP investéiert. Dat ass en eklatante Widdersproch.

Mee a Saache Klimaschutz muss d'Iwwerleeung nach doriwwer eraus goen. De Paräisser Accord huet eng Trajectoire virgi vun den 1,5 beziungsweis 2° C Äerderwirmung an et misst een eigentlech all d'Enterprisen dorunner moossen, ob se dës Trajectoire eescht huelen an op dës Wee wëlle goen oder ob se dat ignoréieren a sech deem wëllen entzéien.

An da muss een natierlech och nach déi indirekt Investitiounen betruechten. Dee gréissten ekonomesche Secteur, an deen de Fong seng Sue placéiert, dat sinn d'Finanzdëngeschtleechter, mee d'Banken halen hirersäits jo och Aktiva vu klimaschiedleche Firmen, déi een eigentlech och misst berécksichtegen, wann ee wëllt kohärent sinn. Zumindest misst de Fonds de compensation awer emol selwer probéieren erauszefannen, wéi kompatibel säi Portefeuille un Aktien an Obligatiounen mat den Ziler vum Paräisser Accord ass. Dowéinst gouf eng Etüd vum Pensiousfong an Optrag ginn - déi gëtt et och - an ech hunn als Deputéierten och beim zoustännege Minister nogefrot a mir hunn och elo dës Moment d'Resultater leider net virleien, dës obwuel versprach gouf, datt dës Etüd nach dës Joer sollt publizéiert ginn. Elo si mer Dezember, also esou vill

Zäit bleift net méi, wann een d'Verspriechen anhale wëllt.

■ **M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale.** - Ech wäert lech dorop äntwerten.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk), interpellateur.** - Här President, ech hunn nämlech e Verdacht - e schlëmme Verdacht!

■ **Une voix.** - A!

■ **M. Marc Baum (déi Lénk), interpellateur.** - Ech hunn de Verdacht, datt aus där Etüd ervirgeet, datt déi Investitionspolitik vum Pensiousfong net kompatibel ass mam Paräisser Accord, also deem völkerrechtlech verbindlechen Accord, dee Lëtzebuerg ratifizéiert huet an deen d'Grundlag bilde soll, datt e mënschewierdegt Liewen op eise Planëit an Zukunft iwwerhaapt nach méiglech ass, Pensiouen hin oder hier.

Här President, de Rentefong muss sech eng kloer Strategie ginn, wéi e wëllt de Paräisser Accord respektéieren, an déi dann och kohärent ëmsetzen, jo, méi nach: E misst sech eigentlech iwwerleeën, wéi e kann de Paräisser Accord proaktiv ënnerstëtzen a wéi e ka mat sengen Investisementer eng Klimaneutralitéit fërderen. Dat heescht, datt de Pensiousfong eigentlech misst eng positiv Investitionspolitik maachen. Amplaz ze decidéieren, wouranner en net wëllt investéieren, misst e sech och iwwerleeën, wouranner en da spezifesch wëllt investéieren.

An et ass och wouer, datt de Pensiousfong zwee Kompartimenter geschafen huet, déi nohalteg Investisementer solle maachen, mee et ass een awer éischstens schnell frustréiert, wann ee souguer an deene scheinbar esou gréng Kompartimenter feststellt, datt een do Pétrolsfirmen erëmfënnt, an zweetens sinn et just zwee vun insgesamt 22 Kompartimenter. Mir mengen net, datt een zwee gréng Kompartimenter, déi d'ailleurs guer net esou gréng sinn, 20 knaschtege Kompartimenter entgéintstelle kann an domadder soen, dat wär e weesentleche Fortschritt.

An da kommen ech, Här President, zu där drëtter Kategorie vu problemateschen Investitiounen, nämlech déi Investisementer, déi inkohärent si mat der offizieller Regierungspolitik an och inkohärent mat deem, wat déi iwwergrouss Majoritéit an der Gesellschaft ëmmer nees fuerdert.

Am Fréijoer hate mer heibannen e Vott iwwer eng Motioun vun eis, déi mat de Stëmme vun der Majoritéit verworf gouf. An dëser Motioun hate mer eppes ganz Einfaches gefuerdert, nämlech datt de Rentefong sech soll aus der Nuklearenergie zrëckzéien. D'Regierung ass géint nuklear Energie. Si hält se fir geféierlech an net nohalteg a kämpft international dergéint. Mir ënnerstëtzen dat d'ailleurs och! Gläichzäiteg investéieren déi staatlech Fongen awer an dësen Industriesecteur. Dat ass net nëmmen eng Fro vun Inkohärenz, mee et ass och eng Fro vu Glafwierdegkeet, well wéi wëllt d'Regierung da beim franséische President oder beim belsche Premier eng Ferneture vu Cattenom oder Tihange fuerderen, wann d'Regierung selwer Aktionär ass bei de jeeweilege Bedriewerfirmen? Dat ass net seriö!

An déi selwecht Inkohärenze gëtt et och bei aneren Theemen. Eis Regierung steet jo fir eng nohalteg Agrarpolitik. De Landwirtschaftsminister setzt jo duerch Zoufall och grad hei. Eis Regierung ass fir d'Erhéijung vum Bio-Undeel an e ganz restriktiven Émgang mat geenmanipuléierte Liewensmëttel. Dat ass gutt an dat ass och richtig esou. Mee gläichzäiteg investéiert de Staat iwwer seng Fongen an déi gréisste Multinationale vum Agrobusiness an a Chimiekonzerner, déi allméiglech Pestiziden, Bioziden an Herbizide produzéieren an och nach geenmanipuléiert Saatgut herstellen, wéi zum Beispill Bayer oder Syngenta.

Dat ass dach, beim beschte Wëllen, net kohärent! Entweder mir wëllen dës Zort vu Landwirtschaft oder mir wëllen déi aner.

An och d'Rüstungsindustrie gehéiert fir eis dozou, well et kann net sinn, datt mer eis un de Profitter vun der Waffenindustrie beräicheren. Och hei also, bei dësen Theemen, komme mer eiser Meinung no net derlaanscht, ganz Secteuren auszuschléissen, an ech mengen, dat versteet och jiddwereen heibannen an och dobaussen.

Här President, wéi ech scho gesot hunn, kann een den Administrateuren vum Rentefong net onbedéngt e Virwurf maachen. De Virwurf, dee geet éischter un d'Politik, dat heescht un eis alleguerten. Ze vill laang huet d'Parlament et versäumt, fir sech mat där Fro ausenannerzusetzen a kloer Virgaben ze maachen, ze vill laang hu sech déi successiv Regierungen mat klengen kosmeeteschen Adaptatiounen zefriddeginn, ouni déi grondsätzlech Froen opzeschaffen an enesgesch ze handelen. An déi kleng Reforme vun 2017 - déi den Här Minister virausiichtlech duerno nach wäert uféieren - waren zwar gutt gemenzt, sinn awer héchstens eng Drëps op de waarme Steen. An ech kann herno och op Nofro dorobber agoen.

Wat mer als alleréischst brauchen, dat ass eng Adaptation vun eise legale Kader. Ech hu mer a menger Intervention bis elo Méi ginn, fir op déi systeemesch Schwaachstellen hincweisen. A mir als Lénk wëllen net just bei der Kritik stoe bleiwen, mee och Léisungsvirschléi maachen.

6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Marc Baum

An deem Sënn deposéieren ech heimadder eng Proposition de loi, déi enger nohalteger Politik vum Pensiousfong soll e minimale legale Kader ginn.

7729 - Proposition de loi relative à une politique d'investissement socialement et écologiquement responsable du Fonds de compensation commun au régime général de pension

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

7. Interpellation de M. Marc Baum au sujet des politiques d'investissement du FDC et du FSIL (suite)

Exposé (suite)

■ **M. Marc Baum (déi Lénk), interpellateur.** - Am Moment gëtt et nëmmen eng eenzeg grondleeënd Virgab fir d'Investitionspolitik, nämlech déi vun der Diversification des risques. De Fong därerf net all Eeër an ee Kuerf leeën, mee e muss a méiglechst vill Wirtschaftssecteuren investéieren, fir de Risiko breet ze streeën. Mir wëllen an eiser Proposition de loi do dernieft eng zweet Konditioun setzen, déi dee selwechte Stellewäert huet, nämlech datt déi Investitionspolitik muss ökologesch a sozial responsabel sinn. Esou kritt dann dës Approche och endlech emol eng gesetzlech Basis an dat ass méi wéi iwwerfällg.

Domadder verbonnen ass dann och eng aner Ännerung an deem selwechten Artikel. Ëmmer erëm gëtt gesot, eng méi wäitreechend Politik wär net méiglech weinst der Konditioun vun der Diversification des risques. Dat géif et onméiglech maachen, aus ganze Wirtschaftssecteuren erauszeklamme wéi zum Beispill där vun der Exploitation vu fossillen Energien. Mir hunn zwar nach ëmmer fonnt, datt dat eng ganz restriktiv Interpretation vum Gesetz ass, mee fir all Mëssverständnes aus dem Wee ze goen, wëlle mer dat dann elo direkt am Gesetz spezifizéieren, datt dat eent dat anert net ausschléisst, zemoos well mer jo net wëllen Honnerte vu Wirtschaftssecteuren ausschléissen.

Dat féiert eis dann och schonn zu enger anerer Ajoute, déi mer mat dëser Proposition proposéieren, nämlech eng Beschreiwung vun der Exklusivounspolitik. Wéi gesot gëtt et am Moment am Gesetz guer keng Erwänung vun der Exklusivunslëscht, obwuel se de facto jo besteet. Mir wëllen net nëmmen d'Existenz vun der besteeënder Exklusivunslëscht legitiméieren, andeem mer se an d'Gesetz schreiwen, mee nach eng zweet derbäisetzen.

Wéi Der wësst, stinn op der aktueller Lëscht d'Nimm vun individuelle Firmen, an déi net därerf investéiert ginn. Et ass also eng nominell Lëscht. Déi wëlle mer natierlech och bäibehalen, well et muss ee kënnen op individuell Feilverhale vun Entreprisë reagéieren. Wann eng Firma sech zum Beispill net un aarbechtsrechtlech Konventiounen hält, muss een déi individuell Firma kënnen ausschléissen.

Dat, wat mer nach dobäisetze wëllen, ass, datt déi genee Modalitéite vun der Exklusivoun, also firwat a fir wéi laang eng Entreprise op déi Lëscht kënn, solle politesch definéiert gi per Règlement grand-ducal. Dat heescht dann och, datt d'Regierung muss d'Modalitéite politesch virginn, amplaz datt se wéi bis elo enger privater Societéit oder dem Verwaltungsrot iwwerlooss ginn.

Als Neierung wëlle mer donieft awer och nach eng thematesch Exklusivunslëscht aféieren, déi eebe ganz Secteuren ausschléisst. Och déi Secteure solle per Règlement grand-ducal kënnen definéiert ginn, genee wéi déi prezis Modalitéiten. Wéi gesot denke mer do u Secteure wéi fossill Energien, Tubak, Nuklearenergie, OGMen an esou weider.

Dat ass also keng nominell Exklusivoun, wou individuell Firma genannt ginn, mee eng, déi ganz Wirtschaftssecteuren oplësch, déi contraire zu enger deklarierter Regierungspolitik sinn.

Mir sinn eis duerchaus bewusst, datt eng ökologesch a sozial responsabel Politik, déi just op Exklusivoun baséiert, net dat Gielt vum Ee ass. Wéi ech virdrun ausgefouert hunn, muss de Kompensationsfong och iwwer eng positiv Politik nodenken, dat heescht méiglechst vill an nohalteg Aktivitéiten investéieren. Déi heiten Ännerungen, déi mer proposéieren, verhënneren dat natierlech net. Mir gesinn dat heiten duerfir als dréngend éischt Äntwert op d'Problematik, ...

(Brouhaha)

... op déi een dann am weidere Verlaf nei strateegesch Iwwerleeungen opbaue kann. A fir esou stra-

teegesch Iwwerleeungen iwwerhaapt féieren ze kënnen, muss een och déi néideg Analysecapacitéite schafen. Dat ass dann den drëtten a leschten Aspekt vun eiser Proposition de loi.

Am Moment gëtt de Verwaltungsrot just nëmmen engem interne Gremium beroden an dat ass de Comité d'investissement, dee mat Experten aus dem Finanzsecteur besat ass. Et muss een dovunner ausgoen, datt déi sozial, ökologesch a mënscherechtlech Consideratiounen warscheinlech net den éischte Fokus vun dësem Komitee sinn, a vu datt dës Thematik awer aktuell och ganz schnell evoluéiert an och stänneg muss suivéiert ginn, plädéiere mer ganz staark derfir, eng intern Expertis opzebauen. An, wat och ganz wichtig ass: Et brauch een och en Usprichpartner fir d'Acteure vun der Zivillgesellschaft, fir all dës Leit, déi eng grouss Expertis an och Informatiounen vum Terrain hunn, besser anzebannen an domadder Kompetenzen ze bündelen. Wéi Der wësst, hunn d'ONGe jo haut gréisser Problemer, Schwieeregkeeten, fir iwwerhaapt gehéiert ze ginn, op jidde Fall ass dat hire ganz groussen Androck.

Duerfir proposéiere mer d'Kreatioun vun engem zweete Berodungskomitee, nämlech engem Comité d'éthique, dee soll aus fënnf Membere bestoen: dem President vum Rentefong a jeeweils engem Expert aus de Beräicher Environnement, Mënscherechter, Aarbechtsrecht an Entwécklungszesummenaarbecht. Dës Gremium soll e Kompetenzpol op deem Sujet ginn. E soll de Verwaltungsrot beroden, als Usprichpartner fir ONGen dëngen, déi e reegelméisseg consultéiert, an e kann och selwer Rapporten zu verschiddenen Theemen opschaffen an och e Rapport annuel erausginn, fir d'Aarbecht vum Kompensationsfong an eethesche Froe méi visibel ze maachen. Dës Gremium kéint doriwwer eraus net nëmmen intern fir Expertis suergen, mee e kéint sech och mat aneren Acteuren hei am Land vernetzen. Mir mengen, datt dat e ganz wichtige Schratt no vir wär, a bidden d'Parlament, sech eis Propositionen seriö unzekucken.

Här President, ech wëll mech elo a menger Interpellation - esou wéi ugekënnegt - op de sougenannten Zukunftsfong konzentréieren, de Fonds souverain intergénérationnel du Luxembourg FSIL. Dee gouf Enn 2014 am Zesummenhang mat deem deemools proposéierten Zukunftspak an der éischter Oplo vun der aktueller Koalition gegrënnt. Dir héiert et: D'Zäiten deemools waren „zukunftschwanger“ - de Begrëff ass inflationär gebraucht ginn wéi och aner Begrëffer wéi „d'kopernikanesch Wende“ ronderëm d'Budgetsopstellung -, wou mer haut feststellen, datt mer awer éischter um ptolemäesche Buedem vun den Tatsaachen ukomm sinn.

(Hilarité)

D'Zil vun dësem Fong war et, esou huet et vun de Responsabelen op jidde Fall ëmmer geheescht, eng Mouk fir déi zukünftige Generatiounen op d'Säit ze leeën. An do ginn dann alljoers mindestens 50 Milliounen Euro aus dem Staatsbudget agespeist, bis datt de Fong eng Envergure huet vun enger Milliard - ab deem Zäitpunkt kéint dann en Deel vun de Recetten zrëck an de Staatsbudget fléissen. Aktuell sinn do ronn 380 Milliounen dran, wat, par rapport zum Kompensationsfong, natierlech en zimmlech klengen Montant ass.

Den Zukunftsfong huet eng liicht aner Aart a Weis, fir d'Suen ze investéieren. De Rentefong sicht externen Fonggesellschaften, déi dann en Deel vun de Reserven exklusiv am Numm vum FDC geréieren.

(Brouhaha)

Den Zukunftsfong par contre keeft einfach Parte vun Investmentfongen, déi et scho gëtt, dat heescht Underdeeler vu sougenannten ETFen, „exchange traded funds“. D'Gestionnaire schaffen also net just fir den Zukunftsfong, mee fir all Investisseuren, déi Underdeeler un deem jeeweilege Fong halen. Déi schaffen dofir och net no Virgaben, déi den Zukunftsfong hinne gëtt, mee no hiren eegene Virgaben.

(Brouhaha)

Dës ass méi eng indirekt Aart a Weis ze investéieren. Si entbënnen den Zukunftsfong - an domadder menge mer och de Lëtzeburger Staat - awer kengfalls vu senger sozialer an ökologescher Responsabilitéit. Ausschlaggebend ass net, wéi eng finanztechnesch Instrumenter benotzt ginn, mee eenzeg d'Fro, vu wem d'Kapital u wie geet. Ech mengen, datt och d'Regierung dat esou gesäit, an alles anescht géif jo och kee Sënn maachen.

Wouranner investéiert den Zukunftsfong also letztendlech seng Suen? Den FSIL gëtt selwer keng Oplëschung vun deene Firmen, an déi schlussendlech investéiert gëtt. Et gëtt awer Referenzen vun den Investmentfongen an dat kann een an deene jeeweilege Rapporten vun de Fonge kucke goen, wouranner déi dann investéieren.

Op déi Aart a Weis hate mer als Lénk schonn 2017 eng Analys vum Portefeuille gemaach a sinn do op zimmlech erschreckend Konklusiounen komm: De Fonds souverain huet schonn deemools an Dosende